PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

REÇU
Par Alff Christian , 15:54, 05/10/2020

n° 2949

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/10/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Zënter dem Ufank vun der Covid-19-Pandemie sinn eng ganz Rei vu Mesurë geholl a Recommandatioune gemaach ginn, fir d'Verbreedung vum Coronavirus ze verhënneren. Ugesiichts der Tatsaach, datt d'Aarbechtsplaz eng potenziell Infektiounsquell ass, ass eng vun deene Recommandatioune gewiescht, dass am Privatsecteur an am ëffentlechen Déngscht op den Télétravail sollt zréckgegraff ginn, esou wäit dat méiglech ass.

D'Regierung hat den 1te Juli 2020 decidéiert, fir an der Fonction publique den Télétravail weiderhi, bis zu 3 Deeg d'Woch, ze erlaben. Den 2te Juli ass eng Circulaire vum Minister fir den ëffentlechen Déngscht dozou un d'Verwaltunge geschéckt ginn. D'legal Basis dofir ass am Artikel 19bis vum Statut vum Fonctionnaire virgesinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Firwat ass dës Circulaire net ëffentlech op der Website vun der Fonction Publique ze fannen?
2. Ass déi besoten Circulaire un all Ministère an un all Verwaltung geschéckt ginn?
3. Kann de Minister versécheren, datt all d'Beamten Ableck op dës Circulaire haten? Falls nee, wéi eng Verwaltungen a Ministèren haten d'Circulaire net krut an aus wéi enge Grënn net?
4. Wéi vill Stonnen am Télétravail goufen zënter Januar 2020 vun alle Staatsbeamten (Fonctionnairen, Employéën & Salariéën) geleescht, opgelëscht no Verwaltung a no Mount?
5. A wéi enge Verwaltunge gëtt den Télétravail weiderhin ëmgesat an a wéi enger Frequenz?
6. A wéi enge Verwaltunge gëtt den Télétravail guer net méi applizéiert a firwat gouf an deene jeeweilege Verwaltungen domadder opgehalen?

7. Kann d'Regierung erklären, op Basis vu wéi enge Krittären d'Cheffe vun deenen eenzele Verwaltungen den Télétravail erlaben oder net erlaben? Consideréiert d'Regierung dës Krittären als fair?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 05 octobre 2020

Objet : Question parlementaire n° 2949 du 05.10.2020 de Monsieur le Député Marc Goergen - Télétravail dans la Fonction publique

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés